Versioun: 05.08.2020

Prim Fränk: +352 621 421 201
frank.prim@lgs.lu

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Willibrord
Käerjeng

Datenschutzerklärung
Käerjenger Guiden a Scouten St. Willibrord

A. Informatiounen iwwer d'Sammele vu persounebezunnen Donnéeën:

1. Aart vu persounebezunnen Donnée déi gesammelt ginn:

1.1. **perséinlech Donnéeën:**
Numm a Virnumm a Numm a Virnumm vun den Erzéiungsberechtegten, Telefonsnummer, Handysnummer an Handysnummer vun den Erzéiungsberechtegten, Gebuertsdatum, Adress, E-Mailadress an E-Mailadress vun den Erzéiungsberechtegten

1.2. **medezinesch Donnéeën:**
Matricule, Krankekeesen, Impfungen, medezinesch Virgeschichten, Allergien, Medikamentation, physeschen Zoustand, Numm, Virnumm an Telefonsnummer vum behandelnden Dokter

1.3. **Fotoen/Videoen:**
Fotoen/Videoen déi wärend Scoutsaktivitéite vun de Membere vun der Cheféquippe vun de „Käerjenger Guiden a Scouten" mat hire perséinlechen Handyen oder Fotoapparaten oder soss aner elektronesch Geräter gemaach ginn, oder Fotoen/Videoen déi vun Drëttpersounen am Optrag vun de „Käerjenger Guiden a Scouten" gemaach ginn.

2. Zweck vum Erhiewe vu persounebezunnen Donnéeën:

2.1. Perséinlechen Donnéeë ginn am Sënn vun der Veräinsféierung erhuewen.

2.2. Medezinesch Donnéeë ginn am Sënn vum Member vum Veräin erhuewe fir am Fall vun engem Medezineschen Noutfall relevant medezinesch Donnée un en Dokter weiderzeginn.

2.3. Fotoe/Videoe ginn am Sënn vun der Veräinsféierung erhuewen ausserdeem gi Fotoe/Videoe fir Publicitéitszwecker erhuewen.

B. Informatiounen iwwer d'Verwendung vu persounebezunnen Donnéeën:

3. Verwende vun den Donnéeën:

3.1. *Fotoe/Videoe ginn online ob der Websäit: https://www.kaerjeng.lgs.lu veröffentlecht.

3.2. *Desweidere ginn d'Fotoen ob Facebook ënner dëser Internetadress: https://www.facebook.com/kaerjengerscouten/ veröffentlecht.

3.3. *Fotoe/Videoe ginn ob digitalen Datenträger wéi USB-Stick, CD, etc. un all Membere vun de „Käerjenger Guiden a Scouten" weider ginn.

3.4. Fotoen/Videoe ginn um Server vun de „Käerjenger Guiden a Scouten" just fir d'Membere vun de „Käerjenger Guiden a Socuten" veröffentlecht.

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Grupp Saint Willibrord Käerjeng
1, Rue de la Gare L- 4966 Clemency
www.kaerjeng.lgs.lu

E grousse Merci un eis Sponsoren

lalux

VOYAGES VANDIVINIT

BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Willibrord
Käerjeng

Prim Fränk: +352 621 421 201
frank.prim@lgs.lu

3.5. Desweidere kënne Fotoen/Videoen ob ëffentleche Veranstaltungen dem Public presentéiert ginn. Fotoe kënnen och an Zeitungen an Affichen ofgedréckt ginn.

4. Oppeleeë vun den Donnéeën:

4.1. Perséinlech Donnéeën:

Perséinlech Donnéeë ginn un de Verband „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ sou wei un déi betraffen Assurance weidergeleet.

4.1.1. Déi betraffen Assurance sinn:

- AAA (Association d'Assurance Accident) fir Kanner a Jugendlecher, déi nach an d'Schoul ginn (Biber, Wëllef, AvEx, CaraPio, RaRo a Chef).
- LaLux fir Kanner a Jugendlecher, déi an der Léier sinn oder Memberen déi schaffen (CaraPio, RaRo, Albatrossen, Mataarbechter).

4.2. Fotoen/Videoen:

Fotoe/Videoe kënnen un de Verband „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ weidergeleet ginn.

5. Späichere vun den Donnéeën:

5.1. Perséinlech Donnéeën:

Perséinlech Donnéeë ginn um Server vun de „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ an um Server vun de „Käerjenger Guiden a Scouten“, an enger passwuertgeschützter Cloud, déi vun de „Käerjenger Guiden a Scouten“ verwalt gëtt, sou wei ob de private Computeren, Handyen, etc. vun de Membere vun der Cheféquippe gespäichert.

5.2. Medezinesch Donnéeën:

Medezinesch Donnéeë gi mat ageschränktem Zougang (just fir de responsabele Membere vun der Cheféquippe) um Server vun de „Lëtzebuerger Guiden a Scouten“ an um Server vun de „Käerjenger Guiden a Scouten“, sou wei ob de private Computeren, Handyen, etc. vu responsabele Membere vun der Cheféquippe gespäichert.

5.3. Fotoen/Videoen:

Fotoe/Videoe ginn um Server vun de „Käerjenger Guiden a Scouten“, an enger passwuertgeschützter Cloud, déi vun de „Käerjenger Guiden a Scouten“ verwalt gëtt, sou wei ob de private Computeren, Handyen, etc. vun de Membere vun der Cheféquippe gespäichert.

E grousse Merci un eis Sponsoren

lalux

VOYAGES VANDIVINIT
Raisons mat Âme

BIL
BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Willibrord
Käerjeng

Prim Fränk: +352 621 421 201
frank.prim@lgs.lu

6. *Späicherzäit:*

6.1. **Perséinlechen Donnéeën**:
All perséinlech Donnéeë ginn no zwee Joer geläscht, respektiv zerstéiert. All perséinlech Donnéeë ginn nom Verloosse vum Grupp no engem Joer geläscht. Ausnam ass dës Dateschutzerklärung, déi gëtt eréischt no 5 Joer zerstéiert. All Donnéeën déi digital gespäichert goufe ginn esou geläscht, dass weder eng Kopie nach Méiglechkeet vun der Recuperatioun erhale bleift.

6.2. **Medezineschen Donnéeën:**
Medezinesch Donnéeën an all Kopien dovunner ginn no engem 1 Joer geläscht, respektiv zerstéiert. Digital Versiounen heivunner bestinn nëmmen, wann en digitale Formular fir d'Ausfëlle benotz gouf. Donnéeën déi digital gespäichert goufe ginn esou geläscht, dass weder eng Kopie nach Méiglechkeet vun der Recuperatioun erhale bleift.

6.3. **Fotoen/Videoen:**
Fotoen a Videoe ginn no 5 Joer vun der Internetsäit, https://www.kaerjeng.lgs.lu, a vun der Facebooksäit, https://www.facebook.com/kaerjengerscouten/, geläscht, bleiwen awer an digitaler Form ob engem Datenträger an um Server vun de „Käerjenger Guiden a Scouten" fir archivaresch Zwecker gespäichert.
Ausnam si Gruppefotoen a Fotoe vu Membere vun der Cheféquippe déi aus Publicitéitszwecker ob der Internetsäit oder ob Facebook veröffentlech ginn. Dës Fotoe kënnen öffentlech bleiwe respektiv spéiderhin erëm veröffentlecht ginn.

7. *Widerrufsrecht:*

7.1. Et huet een all Moment Recht Awëllegung vun dëser Datenschutzerklärung zeréckzezéien an all perséinlech a medezinesch Donnée sou wie Fotoe/Videoe vu sech ausgehännegt ze kréien.

8. *Weider Informatiounen:*

8.1. Et besteet zu kengem Zäitpunkt 100% Sécherheet, dass keen Datenleck um Server vun de „Käerjenger Guiden a Scouten", ob enger Cloud oder engem privaten Apparat vun engem Member vun der Cheféquipp entsteet. Mir kënnen net fir eng 100% Sécherheet vun digitalen Dokumenter garantéieren.

8.2. Dës Datenschutzerklärung gëllt fir all Dokumenter déi am Laf vum Joer un d'Membere vun de „Käerjnger Guiden a Scouten" ausgedeelt ginn.

8.3. Beim Ofleene vun dëser Datenschutzerklärung kënne mir keng Assurance fir de betraffene Member ofschléissen an an Noutfäll keng medezinesch Donnée un Doktere weiderginn. Aus dëse Grënn musse mir Iech doriwwer informéieren, dass am Fall vun enger Ofleenung vun dëser Datenschutzerklärung et net weiderhi méiglech ass als Member an de „Käerjenger Guiden a Scouten" gefouert ze ginn.

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT
BIL BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten
Saint Willibrord
Käerjeng

Prim Fränk: +352 621 421 201
frank.prim@lgs.lu

9. *Ofleene vun eenzele Punkten:*

Dës Punkte vun der Datenschutzerklärung leenen ech of:

- ☐ 3.1.*
- ☐ 3.2.*
- ☐ 3.3.*

10. *Kontakt:*

10.1. Bei Froen oder Gebrauch vum Widerrufsrecht:
Prim Fränk
Tel: +352621421201
E-Mail: frank.prim@lgs.lu

11. *Averständnes:*

Mat menger Ënnerschrëft bestätegen ech, dass ech alles an der Datenschutzerklärung vun de „Käerjenger Guiden a Scouten“ verstanen hunn. Desweidere bedeit meng Ënnerschrëft, dass ech mat alle Punkten, ausser mat deenen ënner Punkt 9 ugekräizten Ënnerpunkten, vun dëser Datenschutzerklärung averstane sinn.

_____	_____
Numm, Virnumm vum Member vun de „Käerjenger Guiden a Scouten“	Uertschaft / Datum
_____	_____
Ënnerschrëft vum Member **AB 16 Joer**	Ënnerschrëft Fir „Käerjenger Guiden a Scouten“
_____	_____
Ënnerschrëft Erzéiungsberechtegten **Ënner 16 Joer**	Ënnerschrëft Erzéiungsberechtegten **Ënner 16 Joer**

Dëst Dokument gëtt an duebeler Ausféierung ausgedeelt!

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Grupp Saint Willibrord Käerjeng
1, Rue de la Gare L- 4966 Clemency
www.kaerjeng.lgs.lu

E grousse Merci un eis Sponsoren

lalux

VOYAGES VANDIVINIT
Raisons mat Âme

BIL
BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG